Rapport Generalversammlung 24/02/2018

Wou: zu Héiweng am Centre Culturel

KML Comité:	MB-GB-LS-FH-CW
Gemengevertrieder:	Georges Fohl, Buergermeeschter
Memberen:	7

1. **Aktivitéite Bilan 2017** (presentéiert vum Marc)

Jan-02	KML Comité
Feb-08	KML Generalversammlung
März -11	Bolfach Presentatioun 4
März-29	KML Comité
May-14	KML filmt Kommioun Garnech
Jun-07	KML Comité
Jun-14	Invitatioun op Aweiung neie Pompjeesbau
Jun-17	Raumaktioun Koler an Paschtoueschhaus
Jun-21	KML filmt "3 Wünsche Frei" Conny Schoulprojet
Jul-15	Hochzait Bernard & Anne
Aug-26	Hochzait Carole & Oli
Sep-21	KML goes to Utopolis "IT" kucken
Sep-30	Hochzait Loron & Anne-Marie
Oct-05	Entente Kalennerversammlung
Oct-20	KML filmt Pepperoni Kabarä
Nov-04	CdJK Filmpresentatioun
Nov-07	KML Comité
Nov-30	CDAC a Gemeng Meeting KinOLER
Dec-02	Bolfach Presentatioun 5
Dec-17	KML filmt den Theater Garnecher Musek
Dec-20	KML goes to CineBelval "Star Wars Eps 8"

Iwwert t 'ganzt Joer sinn den Riddly 4, Make Koler Kooler an den Dokumentarfilm vum Kino Bau "Koler Site" gedréint ginn.

2. **Keese Bilan 2017** (presentéiert vum Carole)

KML huet knapp 11.000€ an neit Material investéiert:

→ 2 néi Kameraen mat Kameraskofferen
→ 1 néi GoPro mat Speicherkaart
→ 1 néien Drocker mat Cartouchen

→ Harddisk
→ Videoluuchten
Aner Ausgaben waren; Masken, Parrécken an Schminkfaarf, webhosting vum Internetsite fir 630€.

3. **Online Statistiken 2017** (presentéiert vum Frank)
- KML.lu huet 4293 Visiteuren an hat 6 News.
- KML huet op Facebook 501 Followeren.
- Ob You Tube huet KML elo 67 Filmer an Traileren, 35 Leit hun dëst geliked.

4. **Projeten 2018**

→ *Riddly 4*
1ère vum Riddly 4 ass 2018, vereenzelt Sketcher wäerten och op You Tube gesat gin. Den Marc weist een klengen Riddly 4 Trailer-Test mam Green Screen.

→ *KinOLER*
KML huet 3 Projeten fir d'Ouvertüre am Kader vum KinOLER:
1. *Make Koler Kooler vum Alain Welter*
2. *Dokumentarfilm vum Kino Bau "Koler Site"*
3. *Co-Produktioun mat der Epiclerite (Fiktioun/Mystery Film) vum Fred Sauvant*
   Den Fred erzielt e bëssen; den Film weist Koler Liewen, Koler Leit an déi schéin Ecker vum Duerf. En dauert tëschent 40-60'. Den Fred huet fir déi 2 Haaptrollen no 2 experimentéierten Schauspiller gesicht.
   Ganz Koler kritt een Flyer, an dem Bierger opgeruff ginn sech (Datum à définir) ze versammelen. Den Fred hofft dat vill Leit kommen. Dëst gëtt t 'Schluss Zeen vum Film. Den Fred freet och heizou den Buergermeeschter, ob hien bereet wier sech selwer an der Schluss Zeen ze spillen (1-2 Sätz). Den Buergemeeschter fillt sech geéiert an seet zou.

5. **Wuert vum Buergermeeschter, Georges Fohl**

Den Här Fohl seet dat am Emkrees (vun der Gemeng Garnech); 8K 30.000 Leit wunnen, déi keen direkten Accès op een Kino hunn; potentiell Clienten. An der Gemeng Garnech ginn et alleng 3 Filmklibb (2 vun Koler).
Gemeng Garnech huet vill investéiert, séi waren op Köln fir sech technesch ze informéieren an dat bescht Material ze fannen. Den Projekter ass een 2nd Hand Projekter den t 'Gemeng Garnech dem Kino Skala vun Dikrech ofkaaft huet. 2020 gëtt et een Néien. Den Kino ass mat top Material ausgestatt, an ass an dëser Form den eenzegen Kino an Lëtzebuerg. Den Koler Kino fëllt eng Nische, an bitt eppes Extraes. Den Här Fohl sëtzt op Nohaltegkeet.

Et lafen 6 Séancen an der Woch:
→ Mëttwoch-Samschdes 20h00
→ Sonndes um 16h00 an um 20h00

Den KinOLER gëtt vun den Koler Bierger gedroen (+-10 Leit). Basis Group sinn: Jules Barnig, Henri Knuppert, Yves DiBartholomeo.
Den Här Fohl bréngt hei zum Ausdrock dat hien och op KML zielt (Film starten, Ticketen...). Koler Leit mussen aktiv sinn.
Et soll een Présencen-Roulement entstoen, dësen soll all 2W vun 1-2 Persounen ofgeléist ginn. Den Här Fohl wäert d 'Sonndes Séancen mat senger Fra ofdecken.

Déi éischt Tester lafen am Oktober un. Den Kino gëtt Freides den 30. November 2018 ageweit. Déi 1 Séance ass den 1. Dezember 2018.

Aner Informatiounen vum Här Fohl:

- Den Opwand fir eng permanent Restauratioun wier ze grouss.
- Et wäerten Formatiounen fir den Emgang mat dem Kinosmaterial gemeet ginn.
- Den Kino kënn komplett gelount ginn (zB Filmklassen/Firmen). Et ass Platz fir 46 Leit.
- Eng Assistance bei techneschen Problemer ass 24/24 assuréiert.
- Den Architekt sot dat Koler Leit den Kino ganz gutt duerchduecht hunn.
- Den Reuniounssall iwwert dem Kino kéint als KML Sall genotzt ginn.

6. **Fräi Aussprooch**

   /

7. **Memberskaarten**